

## D'Nordstadjugend a.s.b.l. stellt sech vir

---

Schon säit iwwer 25 Joer gëtt an deenen 2 Nordstadgemengen Dikrich an Ettelbréck Jugendarbecht geleescht, aus där dann och di 2 Jugendhaiser Ettelbréck an Dikrich entstane sinn. 2007 gëtt dunn d'Jugendarbecht op regionale Plang ausgebreet an d'Nordstadjugend a.s.b.l. gëtt gegrënnt, déi haut d'Ziel huet Jugendarbecht an deenen 9 Nordstadjugendgemengen (Beaufort, Bettenduerf, Colmar-Bierg, Dikrich, Ettelbréck, Feelen, Ierpeldeng, Mäerzeg a Schieren) ze garantéieren. **Ab dem 1. Januar 2019 freeë mir eis, Buurschent als déi 10. Nordstadjugendgemeng begréissen ze dierfen!**

Fir d'Betreiung vun de Jugendlechen ass haaptamtlecht, pedagogesch Personal verantwortlech. D'Nordstadjugend bitt verschidden Déngschtleeschtingsberäicher un, déi sech prioritär u Jonker tëscht 12 a 26 Joer richten:

- **Regional Jugendarbecht,**
- **National Jugendarbecht,**
- **international Jugendarbecht,**
- **Jugendhaus Dikrich,**
- **Jugendhaus Ettelbréck,**
- **Jugendwunnen,** souwéi
- **d'Koordinatioun** vun deenen eenzele Servicer.

Nieft de Raimlechkeeten, der aldeeglecher Betreiung an der Ulafstell, déi deene Jonken an den 2 Jugendhaiser zur Verfügung stinn (Kicker, Billard, Playstation, Wii U, Kachen a Backen, a villes méi) ginn an der Regioun iwwer d'Joer verschidde Projet'en, Aktivitéiten a Workshoppe zu deenen ënnerschiddlechsten Themen ugebueden (Kultur, Sport, Präventioun, Informatioun, Participatioun...).

Hei sinn eng Rei un Highlights an eisem Programm:

**Kachconcours:** A Mäerz steet eisen traditionellen **Kachconcours** fir Jonker tëscht 14 an 22 Joer um Programm. An Zesummenaarbecht mat der Dikricher Hotelsschoul an dem Service National de la Jeunesse probéiere bis zu 20 Equippen di beschten Nowuesskäch ze ginn. Déi jonk Käch kréie virum Kachconcours eng Lescht mat Liewensmëttel, wou si hiren eegene Menü zesumme stellen an der Jury presentéieren.

**Teenage Dream:** Am Mee kréie Jonker tëscht 11 a 15 Joer d'Méiglechkeet un der **Teenage Dream** deelzehuelen. Sech informéieren a feiere mat Gläichaltrëgen, an dat a Konditiounen déi genee op dës Alterskategorie zougeschnidde sinn. Mat Informatiounsstänn, Spiller, Workshoppen an där beschter Musek mat Top DJ, wéi ëmmer nom Motto: 100% Spaass, 100% Informatioun, 100% Partystëmmung, 0% Alkohol.

**Be active:** Am Abrëll steet d'al Seeërei ganz am Zeeche vun der Informatioun an Orientatioun vir Jonker tëscht 15 an 30 Joer zum Thema vum Aarbechtswegen an Ausbildung. Bei dësem Projet hunn déi Jonk, d'Firmen, d'Orientatiouns- an d'Informatiounsservicer d'Méiglechkeet direkt mateneen a Kontakt ze kommen. Et ass net nëmmen eng Plaz fir de lokalen Aarbechtswegen kennenzelëieren mee och fir sech

iwwert déi verschidde Weeër ze informéieren, wéi een als Jonken an säin aktiivt a professionellt Liewe starte kann.

**Outdoor plus :** Säit 2015 organiséiert d'Nordstadjugend am Juli en internationale Jugendaustausch am Kader vum Erasmus+. Zesumme kommen do jeeeweils 5 Jonker aus 5 verschidde Länner fir sech op verschidden Aart a Weisen zu den Themen Europa an der Transitioun vu Schoul op Aarbecht ze beschäftegen. Unhand vu verschiddenen Outdooraktivitéite kennen déi Jonk hir Stärkten a Schwächen entdecken an austesten.

**Deng Meenung zielt:** Dësen Owend steet fir déi Jonk tëscht 12 a 26 Joer aus de Gemengen. A verschiddenen Alterskategorien an Thematike wëlle mir hinnen d'Méiglechkeet ginn hier Meenungen an Iddie vun hirer Gemeng ze äusseren, sech z'engagéieren an sech mat hirer Gemeng z'identifizéieren. Just wann Jonker hier Iddien a Proposé matdeelen, kenne mir zesummen eppes veränneren.

**Babysitting:** Nordstadjugend asbl ass Partner vun dësem Projet, deen als Missioun huet Babysitteren ze vermëttelen, an hëlleft deene Jonken eng Ausbildung ze maachen an och gären den Elteren aus der Nordstadregioun dee richteg Babysitter ze fannen.

**Proufsall & Tounstudio:** Hei steet Museksgruppen e **Proufsall** zur Verfügung, dee mat allem ausgestattet ass, wat a sou engem Sall gebrauch gëtt; dat geet vun de Verstärker an den Drums bis zur Schallisoliatioun. Interesséiert Gruppe kennen sech am Jugendhaus zu Dikrich melle fir eng reegelméisseg Locatioun unzufroen. Als besonneschen Extra steet hei och e klengen **Tounstudio** zur Verfügung, wou Demo-CD'en produzéiert kënne ginn.

**NOJU on Tour:** Säit Abrëll 2018 ass eise Ludobus an de Gemengen ënnerwee vir opsichend Jugendarbecht ze leeschten. Heibäi handelt et sech ëm e Spillmobil, de mat Gesellschafts- an Outdoorspiller souwéi mat Zirkus- a Sportmaterial ausgestattet ass. Zesumme mat Memberen aus der pädagogescher Ekipp vun der Nordstadjugend kënnen hei Jonker tëscht 11 a 26 Joer e flotten Nomëtte verbréngen. D'Ziel vum Ludobus ass et, fir de Kontakt mat Jonken an hirer eegener Gemeng ze fleegen an si a verschiddene Beräicher ze ënnerstëtzen.

All Summer maache mir verschidden Aktivitéiten, wéi Hiken, Heichseelgaart, Wakeboard, Paddelen, Beach-Volley a viles méi. Am Wanter gi mir da mol an de Kino, Bowling spillen oder eng Staat besichen. Mir sinn och ëmmer op fir néi Projeeë vu Jonken. Mir géingen eis op e Besuch freeën.

Wéider Infoen a Fotoen op [www.nordstadjugend.lu](http://www.nordstadjugend.lu)